A:LL Schrëftsteller*innen

Associatioun: Lëtzebuerger Literatur | Association: Littérature Luxembourgeoise | Association: Luxembourgish Literature | Assoziation: Luxemburger Literatur | Associação: Literatura Luxemburguesa

# ● Rapport d’activité fir d’Joer 2020 ●

**● am Summer 2020:**

gouf et **éischt Réuniounen**, fir d’Grënnung vun der ASBL ze **plangen** an ze **koordinéieren**; dorunner war eng Aarbechtsgrupp vu 15 Leit bedeelegt.

**● am September 2020:**

huet sech den 22. September **d’ASBL *A:LL Schrëftsteller*innen* zu Weimerskierch konstitutéiert**. D’**Grënnungsmembere** waren de Jean Back, d’Ulrike Bail, den Tullio Forgiarini, de Gast Groeber, d’Susanne Jaspers, de Francis Kirps, d’Claudine Muno, d’Anne-Marie Reuter, d’Nathalie Ronvaux, d’Elise Schmit, de Jeff Schinker, de Ian de Toffoli an d’Nora Wagener,

gouf een **Internetsite** op d’Bee gestallt: www.a-ll.lu,
goufen an de **soziale Medie** bei *Twitter*, *Instagram* a *Facebook* offiziell

Accounts vun der ASBL ugeluecht,

goufe verschidde Persounen ugeschriwwen a gefrot, ob si als **Éieremememberen** der *ASBL* bäitriede wëllen. Dozou zielen de Pol Greisch, den Nico Helminger, de Jhemp Hoscheit, d’Josiane Kartheiser, d’Anise Koltz, d’Colette Mart, de Guy Rewenig, de Lambert Schlechter an d’Margret Steckel.

**● am Oktober 2020:**

goufen de Ministère de la Culture, d’Bibliothèque national du Luxembourg, de Centre national de littérature an d’Agence luxembourgeoise d’action culturelle kontaktéiert an iwwer d’Grënnung informéiert,



1, rue de Laroche, L-1918 Luxembourg www.a-ll.lu info@a-ll.lu

gouf d’Press mat engem **Communiqué de presse** iwwer d’Grënnung informéiert. Artikelen, Interviews a Bäiträg dozou si publizéiert gi vum *Paperjam* (05.10.2020), *radio 100,7* (08.10.2020), *Reporter.lu* (08.10.2020), *Woxx* (09.10.2020), *Luxemburger Wort* (14.10.2020), *De Jounal* (16.10.2020) an *RTL Radio* (17.10.2020),

hu mir um Internetsite **déi wichtegst Dokumenter a véier Sprochen** online gestallt, notamment d'Statutten, een Descriptif vun der ASBL an d'Fiche d'adhésion.

gouf et **éischt Réunioune** vum Bureau exécutif mat Vertrieder vu *Reading Luxembourg*, *der Fédération des éditeurs* an dem Bureau exécutif vu *Kultur:LX*.

**● am November 2020:**
huet d'ASBL eng **Konventioun mam Ministère de la Culture**

ënnerschriwwen,

hu Membere vum Bureau exécutif u **Réunioune vun der ULASC** deelgeholl, dëst am Kader vun der Gesetzesreform zum *Statut d'artiste professionnel indépendant* an der Préparatioun vum Sondage,

hu Membere vum Bureau exécutif u **Webinaren zu Covid-19** deelgeholl, déi vum Ministère de la Culture organiséiert goufen,

hu sech **Aarbechtsgruppe** forméiert, déi zënterhir op ënnerschiddleche Sujete schaffen: eng Grupp fir eng Plattform fir Emergenten, eng Grupp fir Recommandations tarifaires a contractuelles, eng Grupp fir den den Développement de carrière, eng Grupp fir de Statut d'artiste an eng Grupp fir de Marché de la Poésie 2021,

huet sech de Conseil d'administration insgesamt dräi Mol getraff, huet de Bureau exécutif sech zwee Mol getraff.

**● am Dezember 2020:**

ass *A:LL* an den ***Annuaire des Fédérations***, dee vum Ministère de la Culture betreit gëtt, opgeholl ginn,

ass op Initiativ vu *KUK.lu* an *radio 100komma7* eng **Kollaboratioun fir d'Produktioun vu Lauschterstécker** ugelaf,

huet sech de Conseil d'administration ee Mol getraff,

huet de Bureau exécutif sech ee Mol getraff,

haten d'Membere vun *A:LL* d'Méiglechkeet, um **Questionnaire vun der ULASC** (*Union luxembourgeoise des associations du secteur culturel*) deelzehuelen,

ass am Kader vun ënnerschiddlechen Aarbechtsgruppen **de Kontakt zu engem Affekot** etabléiert ginn, fir d'ASBL bei Projeten (Vade mecum, Formatiounen etc.) z'ënnerstetzen,

ass ee **Graphiker** kontaktéiert an engagéiert ginn, fir ee **Logotype** z'entwerfen, deen de Provisorium ersetze wäert,

huet *A:LL* um Enn vum Mount **25 aktiv Memberen a siwen Éieremembere** gezielt. Insgesamt goufe bis um Enn vum Joer 2020 28 Membersufroe gestallt, 19 goufen acceptéiert, sechs Persoune goufe reorientéiert op d'Plattform fir Emergenten, dräi Persoune goufe refuséiert. (Zum Zäitpunkt vun der Assemblée Générale (22.04.) zielt *A:LL* 38 aktiv Memberen a siwen Éierememberen,

setzt sech de Verwaltungsrot vun *A:LL* zesummen aus: Samuel Hamen (Präsident), Nathalie Ronvaux (Vize-Präsidentin), Jeff Schinker (Sekretär), Claudine Muno (Tresorière), Jean Back, Ulrike Bail, Tullio Forgiarini, Gast Groeber, Susanne Jaspers, Francis Kirps, Anne-Marie Reuter, Elise Schmit an Ian de Toffoli.